N°4886
Reçue le 20.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.08.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Fir Persoune mat enger visueller Beanträchtegung ze hëllefen sech am ëffentleche Raum z'orientéieren, existéieren eng Rei technesch Hëllefsméiglechkeeten, wéi zum Beispill de Bodenleitsystem (dat sinn déi wäiss Plättercher mat Relief, déi bei Foussgängersträifen oder op Quaien installéiert sinn) oder akustesch Signaler bei Foussgängersträifen. Dës sinn nëmmen e puer vu villen Innovatiounen, déi de Persoune mat engem Handicap kënnen am Kader vun hirer alldeeglecher Mobilitéit nëtzlech sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Busarrête ginn et zu Lëtzebuerg?
2. Wéi vill Busarrête goufe rollstullgerecht konzipéiert?
   Wéi vill Bushäisercher si rollstullgerecht konzipéiert?
3. Wéi vill Busarrêten hei am Land verfügen iwwert ee Bodenleitsystem?
4. Wéi vill Busarrête verfügen iwwert Fuerpläng, déi och fir Persoune mat visuelle Beanträchtegungen accessibel sinn (zum Beispill, wou de Plang ze héieren oder a Braille-Schréft affichéiert ass)?
5. Wéi vill Busarrête stinn ënnert der Responsabilitéit vun de Gemengen a wéi vill ënnert där vum Staat?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député